adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
15 MARS 2007
Q 1636

*Här Lucien WEILER*
*Präsident vun der*
*Déptéiertechamber*

*Letzebuerg, de 15. März 2007*

*Här Präsident,*

*Esou wi den Artikel 76 vum Chamberrreglement et fiergesäit, bieden ech lech di heiten* ***parlamentaresch Froo*** *un de Minister vun der Fonction Publique weiderzeleeden:*

An der Editioun vum 13. März 2007 vun der Zeitung „Wort" war eng Doudesannonce fier de fréieren Direkter vun der Protection Civile publizéiert gin. Am Numm vun der Letzebuerger Regierung a mam offizielle Woopen vum Grand-Duché huet d'Personal vum 112, der Schoul vun der Protection Civile a vum Atelier vun der „Administration des services de secours" deem Verstuerwenen Äddi gesoot.

Ouni d'Verdingschter vum Verstuerwenen minimiséieren ze wëllen, iwwerrascht et méch awer, datt deen avis mortuaire am Numm vun der Regierung a mam offizielle Woopen vum Grand-Duché publizéiert gin ass. An deem Zesummenhang giff éch vum Minister gäre gewuer gin:

1) ob d'Regierung des Annonce bezuelt huet
2) ob an Zukunft fier jiddfer verstuerwene Staatsbeamten, dee wuel graad esouvill mériten huet ewi de verstuerwene fréieren Direkter vun der Protection Civile, am Numm vun der Regierung eng Doudesannonce publizéiert gëtt
   a) wa Joo opgrond vu waatfier enger a wiem sénger décisioun daat geschitt
   b) wann Nee opgrond vu waatfier enge Critèren e Staatsbeamten „éligibel" gëtt fier am Fall vu séngem Doud vun der groussharzoglécher Regierung eng Doudesannonce publizéiert ze kréien
3) ob déi Regel, wann et dann eng ass, fier jiddfer aktiven a pensionnéierten Staatsbeamten, oder jhust fier eng vun deene Kategorie gëllt
4) fierwaat déi Doudesannonce vum 13. März 2007 jhust am „Wort" publizéiert gin ass an nët a sämtlëchen Daageszeitung, esou wéi et och fier aaner offiziell Annoncen vun der Regierung de Fall ass

*Mat déiwem Respekt*

**Gast Giberyen**
*Député*

Äntwert op d'parlamentaresch Fro No. 1636 vum Deputéierten Gast Giberyen, betreffend der Doudesannonce vun engem vun de fréieren Direktere vun der Protection Civile.

---

Den Deputéierte Gast Giberyen huet vu sengem Recht Gebrauch gemaach fir sech – knapps e puer Wochen nom Doud vun engem fréieren Direkter vun der Protection civile – eng Rei Froen ze stellen iwwert d'Opportunitéit vun der Publikatioun an der Presse vun enger Doudesannonce duerch d'Administration des Services de secours (ASS).

D'Publikatioun vun enger Doudesannonce vun engem Member vun der ASS - op et e fräiwëllege Mataarbechter ass oder net - fousst op enger laanger Traditioun an ass dem éierbaren Deputéierten sécherlech dës Kéier nëmmen doduerch opgefall, well zënter der Schafung am Joer 2004 vun der ASS en neie Logo an dësen Annonce gebraucht gëtt.

Dës Traditioun – déi ech meng Verwaltung opgefuerdert hu weiderzeféieren, och no dëser parlamentarescher Fro - ass e klengt Zeeche vun der Unerkennung, besonnesch géigeniwwer de Fräiwëllegen, déi oft joerzéngtelaang ouni dofir bezuelt ze ginn, am Déngscht vun der Allgemengheet stinn an d'Sécherheet vun eise Matbierger garantéieren awer och en Zeeche vun der Unerkennung vun de Mataarbechter vun der ASS, déi hir Fräizäit afferen, fir de Bénévolat ze garantéieren an déi och oft selwer als Fräiwëllegen am Déngscht vun de Matmënsche stinn.

Wann den éierbaren Här Giberyen hei vu Këschte vun esou Annonce schwätzt, sollt hie sech eemol Gedanke maachen, wéivill Geld de Stat an d'Gemenge spueren, well se keng professionnell Hëllefsservicer mussen ënnerhalen. Déi Déngschter, déi vun eisem Bénévolat fir d'Land geleescht ginn an den ekonomesche Gewënn fir de Stat an d'Gemenge, stinn a kengem Verglach zum Präis de geleeëntlech bezuelt gëtt, fir d'Publikatioun vun enger Doudesannonce.